39e séance

Mardi 20 avril 1999

Présidence

M. Jean Spautz, Président

M. Jeannot Krecké, Député

Ordre du jour

1. Dépôt de trois projets de loi, d'une proposition de loi et d'un projet de règlement grand-ducal
2. Hommage à la mémoire de M. le Député Alphonse Grimler
3. Vérification des pouvoirs et prestation de serment de M. Mario Castegnaro
4. Changements dans la composition des Commissions parlementaires
5. Communications
6. Ordre du jour
7. Débat d'actualité relatif à la société de l'information *(Suite – Motion)*
8. Projet de révision 3900 des articles 18 et 118 de la Constitution *(Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle – Discussion générale – Lecture du texte du projet de révision)*
9. Projet de révision 3923 A du paragraphe (2) de l'article 11 de la Constitution *(Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle – Discussion générale – Lecture du texte du projet de révision)*
10. Projet de loi 4325 concernant l'accès de ressortissants communautaires à la Fonction publique luxembourgeoise *(Rapport de la Commission de la Fonction publique – Discussion générale – Lecture du texte du projet de loi)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jacques F. Poos, Vice-Premier Ministre ; MM. Fernand Boden, Alex Bodry, Mmes Marie-Josée Jacobs, Mady Delvaux-Stehres et M. Michel Wolter, Ministres.

(Début de la séance publique à 15.05 heures)

M. le Président.- D'Sitzung as op.

Huet d'Regirung der Châmber Kommunikatiounen ze maachen?

(Assentiment)

Den Här Ausseminister Jacques F. Poos huet d'Wuert.

1. Dépôt de trois projets de loi, d'une proposition de loi et d'un projet de règlement grand-ducal

M. Jacques F. Poos, *Ministre des Affaires étrangères, du Commerce extérieur et de la Coopération.-* Här President. Ech hun d'Éier, fir zwee Gesetzesprojetën um Dësch vun der Châmber ze déposéieren, an zwar de

- Projet de loi 4558 portant approbation du Protocole à l'Accord européen de 1991 sur les grandes lignes de transport international combiné et les installations connexes (AGTC) concernant le transport combiné par voie navigable, fait à Genève, le 17 janvier 1997 ainsi que ses Annexes I à III,

an de

- Projet de loi 4559 portant approbation de la Convention portant création du Centre européen pour les prévisions météorologiques à moyen terme (CEPMMT) et du Protocole sur les privilèges et immunités du Centre européen pour les prévisions météorologiques à moyen terme, signés à Bruxelles, le 11 octobre 1973.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Mme Minister Mady Delvaux-Stehres fir den Dépôt vun engem Projet de loi.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de la Sécurité sociale.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech hun och den Dépôt vun engem Gesetzesprojet ze maachen, mam Titel:

- Projet de loi 4560 modifiant

1. la loi modifiée du 15 décembre 1993 déterminant le cadre du personnel des administrations, des services et des juridictions de la sécurité sociale

2. le code des assurances sociales

3. la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat.

M. le Président.- D'Châmber hëlt Akt vum Dépôt vun de Projets de loi. Si gin un déi zoustänneg Kommissioune verwisen.

D'Wuert huet den Här Carlo Wagner fir den Dépôt vun enger Proposition de loi.

M. Carlo Wagner *(DP).-* Här President. Ech maachen den Dépôt vun der

- Proposition de loi 4557 autorisant l'Etat à participer au financement de la dépense effectuée par le Syndicat intercommunal pour la collecte, l'évacuation et l'élimination des ordures provenant de la région de Greven-

macher, Remich et Echternach (SIGRE) dans le cadre des travaux concernant l'assainissement et l'extension de la décharge Muertendall.

M. le Président.- D'Châmber hëlt Akt vum Dépôt vun der Proposition de loi, déi un déi zoustänneg Kommissioun weidergeleet gët.

D'Wuert huet den Här Minister Luc Frieden fir den Dépôt vun engem Projet de règlement grand-ducal.

M. Luc Frieden, *Ministre aux Relations avec le Parlement.-* Här President. Stellvertriedend fir den Energieminister sin ech autoriséiert, de

-Projet de règlement grand-ducal 4561 modifiant le règlement grand-ducal du 17 août 1998 concernant l'indication de la consommation d'énergie des lave-vaiselle domestiques

hei an der Châmber ze déposéieren.

M. le Président.- D'Châmber hëlt Akt vum Dépôt vun deem Projet de loi. E gët un déi zoustänneg Kommissioun verwisen.

2. Hommage à la mémoire de M. le Député Alphonse Grimler

Léif Kolleginnen a Kollegen, Dir Dammen an Dir Hären. D'Zäit vergeet schnell an et as scho bal e Mount hier, datt mer eise Kolleg a Frënd Alphonse Grimler zu Diddelëng op sëngem leschte Wee begleet hun. Wéi ech an der leschter Châmbersitzung säin Doud hu missen annoncéieren, wosste mir all, datt hien de Kampf géint déi uerg Krankheet, déi hie befall hat, nët gewonnen hat. Mä säi Mutt a sëng Zéiegkeet, mat denen hie versicht hat Stand ze halen a bei denen ze bleiwen, déi hie gären haten, hun eis alleguer staark beandruckt.

Et sin eppes méi wéi 12 Méint, datt de Grimlesch Fos als neien Deputéierte veredegt gouf. Et war dat fir hien, sou wéi ech et scho bei sëngem Begriefnis ënnerstrach hun, d'Kréinung vu sënger politescher Karriär, an all déi, déi e gutt kannt hun, a säin Asaz am Laf vun de Jore bewonnert a respektéiert hun, hun him dat natiirlech vun Häerze vergonnt.

Leider war hien deemools scho krank, an et war him nët entgaangen, datt et nët gutt mat him géing stoen, mä hien huet mat alle Mëttele gekämpft an huet, besonnesch mat der Ennerstëtzung an der Hëllef vu sënger Fra a sënge Kanner, de Mutt nët verluer an d'Hoffnung nët opgin.

An deem Jor, wou hie Member vun dësem Haus war, konnt e bei enger ganzer Parti vu Sitzunge wéinst sëngem Traitement leider nët dobäi sin. Wann hien awer hei war, huet en d'Debatte mat ganz vill Interessi verfollegt an huet, trotz sënger vill ze kuurzer Presenz an der Châmber, duerch sëng Interventioune Spuren hannerlooss.

Als Finanzfachmann huet e sech duerch sëng Kompetenz, sëng Wäitsiicht a säi Verantwortungsgefill, besonnesch an der Finanz- a Budgetskommissioun, een Numm gemaacht. Natiirlech war en och Member vun der Sport- a Jugendkommissioun, well hien als laangjäregen aktive Sportler d'Problemer vun der Jugend am Sport aus egener Erfarung eraus gutt kannt huet.

Dem Grimlesch Fos säi frëndlecht Wiesen a säin Asaz fir sëng Matbiirger hun him natiirlech grouss Sympathien abruecht, besonnesch am Süde vum Land. Duerch sëng Fairness a säi soziaalt Engagement op nationalem a kommunalem Plang, huet de Verstuerwene grouss Verdingschter, déi och no sëngem Doud nët wäerte vergiess gin.

Et besteet keen Zweifel, datt de Grimlesch Fos eis vill ze vill fréi verlooss huet, a mir kënnen nëmmen hoffen, datt d'Erënnerung un hien an all dene weiderlieft, déi him no stongen an hie gären haten, besonnesch och bei sënge Kollegen aus der Châmber.

Ech wëll vun dëser Plaz aus, am Numm vun lech alleguer, nach eng Kéier der Madame Grimler an hire Kanner déi Kraaft an dee Mutt wënschen, déi si elo brauchen, fir iwwer dee grousse Verloscht ewechzekommen. Mat hinne wäerte mir de Fos Grimler als e léiwe Mënsch a beschter Erënnerung behalen.

Ech bieden lech ee Moment opzestoen an dem léiwe Verstuerwenen ze gedenken.

(Respect d'une minute de silence)

Ech soen lech merci.

D'Wuert huet den Här Lucien Weiler als Faktiounschef vun der CSV.

M. Lucien Weiler *(CSV).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Et as fir déi zwete Kéier bannent kuurzer Zäit, wou mer hei an der Châmber den Doud vun engem Kolleg musse bekloen. No dem Ed Juncker huet de Fos Grimler eis fir ëmmer verlooss.

Mir wossten alleguer ëm déi schwéier Krankheet mat där en ze kämpfen hat. Mir hun en alleguer an dene leschte Méint fir dee Courage, mat deem en un dës Krankheet erugaangen as, bewonnert. Den Emgank mat sënger Krankheet huet vläicht och déif blécke gelooss, an ee vun dene gréisste Charakterzich vum Fos Grimler ervirgestrach: sëng Kämpfernatur. Hie war ëmmer eng Kämpfernatur, ob dat am Sport war, ob et war a sënger Egenschaft als Gewerkschaftler, mä virun allem och als Diddelënger, a speziell déi Zäit vun der Stolkris, wou och sëng Gemeng mat ville Schwiregketen ze kämpfen hat. Als Biirger vun där Regioun, war hien ëmmer een, deen un éischter Stell matgekämpft huet, an et war och an där Zäit, wou e fir de Gemengerot kandidéiert huet.

An där kuurzer Zäit, wou et him vergënnt war, an dësem Haus ze sin, hu mer hie kennegeléiert als een sympatheschen, e fairen, en engagéierte Kolleg. An ech muss soen, ech ka mech gutt erënneren, wéi mir de Budget an der Finanzkommissioun am leschten Hierscht diskutéiert hun, wou de Fos Grimler scho relativ krank war, war en ëmmer ganz besuergt, dass wann d'Finanzkommissioun géing tagen, hien awer kënnt un de Sitzunge participéie-